PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport & Gesondheet weiderzeleeden.

Am Moment stinn den Sportsveräiner ongeféier 60.000 Schnelltester zur Verfügung. Am Moment ass Notzung vun dësen net gesetzlech virgeschriwwen, déi grouss Sportfederatiounen verflichten awer hier Veräiner se ze notzen. Sport ass awer net nëmmen an engem grousse Veräin wichteg, mee och d'Beweegung vun den Kanner, de Kranken oder den Leit mat Handicap spillt a Pandemie-Zäiten eng wichteg Roll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Mesure vun de 60.000 Schnelltester fir Sportveräiner ass jo exklusiv fir d'Sports-Kompetitioun. Ass esou eng Mesure och fir krank Leit oder Leit mat enger Behënnerung virgesinn, déi Sport aus Therapiezwecker brauchen?

2. Wéi eng Mesuren si virgesinn, dass d'Kanner no der Fuesvakanz, ausserhalb vun der Schoul, och nees hirem Sport kënnen nogoen?

3. Wéi eng Mesuren hunn de Sportsministère an de Gesondheetsministère bis elo geholl, fir deene Leit een sécheren Zougang zum Sport ze erlaben déi hire Sport net an engem Sportveräin maachen?
   Wat fir Mesuren sinn an Zukunft geplangt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député